Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen No 1 Vendredi, 21 septembre 2018

De KONTAKT ass do !!

Dir haalt an ären Hänn déi 1. Nummer vum KONTAKT 2018-2019. Och dëst Joer wëll de KONTAKT äis regelméisseg all Freideg informéieren iwwer déi wichtegst Ereegnësser vun eisem Schoulliewen. Och dëst Joer ass jiddereen invitéiert mat Opmierksamkeet de KONTAKT ze liesen, fir ëmmer um Courant ze bleiwen.

Et wier flott wann esou vill wéi méiglech Leit géife matschaffen. Informatioune liwweren, e klenge Rapport vun extra Aktivitéite ginn, oder mol e Gedicht, e schéinen Text, e flotte Witz oder e gutt Rätsel erabréngen, dat ka jiddereen.

Mierkt iech allerdéngs, datt d'Redaktioun KENG ANONYM Zouschrëfte kann drécken. Bei den Annonce brénge mer och nëmmen déi Saachen, déi mat der Schoul ze dinn hunn.

De KONTAKT ass schon a séngem 38. Joer, dat ass e schéinen Alter fir esou eng Publikatioun, a mir hoffen, datt en nach eng laang Carrière an eiser Schoul huet. D'Redaktioun vum KONTAKT ass am Sekretariat bei der Mme Schumacher.

P.S.: Dir kënnt de KONTAKT och online liese goen, iwwer www.epf.lu !

R. Urbain

AGENDA

Vendredi, 22.9.	Journée photos 13h30-15h30 test psychologique 5G3 et 5G4
Lundi, 24.9.	13h30-15h30 test psychologique 5G5 et 5G6
Mardi, 25.9.	Réunion parents 4GPA, 4TPCM, DP1AV

am Haff, an der Cafetéria, an an den Pique-nique's Säll

am Gebäi (Gäng, Klassen, Toiletten, asw.)

An der 10-Auer-Paus muss jidereen erausgoen, och d'Ofschlossklassen! Wann et reent, schellt et 3 mol an dir kënnt dobannen bleiwen.

SUBVENTION POUR MÉNAGE À FAIBLE REVENU

"Giel Ziedelen"

Dir kënnt de gielen Formulaire bei d'Mme MARTINS an de Büro B244 oder an d'Porte bei d'Mme Wagner sichen goen. De Formulaire musst dir bis spéitstens den 31.Oktober erëm ofginn. Dës Demande muss all Joer nei gemaach ginn.

Mëttegpaus

- Déi Schüler déi Mëttespaus hunn dierfen net duerch d'Gebai lafen.
- Wann een an der Mëttespaus well an den CDI goen, muss ee sech an der Porte bei der Mme Wagner aschreiwen. Den CDI kontrolléiert dat no.
- Op folgend Platzen däerf een an der Mëttes-paus pique-niquen :

Klass	Sall
7e-6e-5e	Anne Frank
4e - 3e	Don Bosco - do steet keng Mikrowell - fir op d'Toilette musse een op déi vun der Kantin
2e - 1e	Cafeteria

et ass net erlaabt fir an de Klassesäll ziessen

- Folgend Dieren sinn op fir no der Mëttesstonn eran ze kommen : A-B-S-D. Wann een ze spéit kënnt, muss en bei der Mme Wagner an der Porte (A) laanschtgoen.

Horaires

Mme Andrée Pletgen Psychologue Bureau B046	
Lundi	8h00 - 17h00
Mardi	8h00 - 17h00
Mercredi	8h00 - 17h00
Jeudi	8h00 - 16h00
Vendredi	11h00 - 16h30

Mme Helena Martins Psychologue Bureau B244	
Lundi	8h30 - 18h30
Mardi	13h00 - 20h30
Mercredi	8h30 - 18h30
Jeudi	13h00 - 20h30
Vendredi	8h30 - 16h30

Mme Yasmine Thein Psychologue Bureau B044	
Lundi	8h00 - 17h00
Mardi	8h00 - 17h00
Mercredi	8h00 - 17h00
Jeudi	8h00 - 15h00
Vendredi	8h00 - 14h15

Mme Nicole Sertznig Responsable des stages Bureau B344	
Lundi	7h45 - 14h15
Mardi	7h45 - 14h15
Mercredi	7h45 - 14h15
Jeudi	7h45 - 13h15
Vendredi	7h45 - 13h15

Mir wënschen iech eng gutt Rentrée!